



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6420 vum 29. Juni 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Gehéiert dësen Terrain dem Staat?

Dëse vum honorabelen Deputéierte beschriwwenen Terrain an déi sech hei befannent Strooss gehéieren net dem Staat. D'Wiss gehéiert enger Privatpersoun an déi ongeféier 100 Meter laang Strooss gehéiert der Gemeng Ettelbréck.

Wa ja, ass den Här Minister gewëllt dësen Tronçon als Parksträifen ze notzen fir de Spadséiergänger méi Sécherheet a Konfort ze bidden?

Folgend dem Fait datt dësen Terrain an och déi hei beschriwwe Strooss net dem Staat gehéieren, kann ech hei keng weider Aussoe betreffend dësen Iwwerleeungen tätegen.

Wann nee, goufen et awer eventuell Kontakter tëscht dem Staat an der Gemeng fir hei eng Léisung ze fannen?

Déi hei beschriwwen Problematik ass mir an mengen Servicer net bekannt an bis dato gouf och nach keen Kontakt vun oder mat der Gemeng gesicht.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2022.

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch